



d'Eltere waren, da sinn et keng Abusen, wann et d'Studente sinn, da sinn et Abusen?

Dofir hu mer, an dat war e wesentleche Punkt, dee mer och am Gesetz vun 2010 ausdiskutiert hunn, gesot: „Mir kucken d'Semester.“ Dat heescht, fir d'Éischt muss een emol, fir Studiebäihëllefen ze kréien - fir zum Här Etgen senger Fro ze kommen -, muss een emol fir d'Éischt eng Aschreiwung op enger Uni virweisen. Déi Aschreiwung heescht och, seng Studiegebühre bezuelt ze hunn.

(Interruption)

Do, wou ee keng... Jo, gutt. Mä et sinn och Unien, wou et méi ass. Mä et muss ee seng Studiegebühre bezuelt hunn.

Et muss ee virum 31. Oktober säin Dossier gefrot hunn. Leider sinn erëm eng Kéier Leit, déi vergiess hunn, den Dossier ze froen, obwuel ech iwwerall Reklamm gemaach hunn, et soll een den Dossier virdru froen.

Da muss een den Dossier eraschécken. Beim Dossier muss d'Aschreiwung sinn. Dann huet ee fir d'Éischt Semester seng Bourse respektiv säi Prêt zegutt.

Da kënnt d'zweet Semester. An d'zweet Semester muss een da gekuckt hunn, dass een effektiv schonn d'Éischt Semester awer iergendwéi derbäi war. Well wann een d'Éischt Semester just ageschriwwen war, fir ageschriwwen ze sinn, da spillt d'zweet Semester net.

Mir hunn - an dat war eng Diskussioun am Gesetz -, mir hunn net an eisem Gesetz gesot, dass, wann ee säi Semester net packt, aus wat fir engem Grond och ëmmer - well et sinn der jo och, déi zum Beispill weinst Krankheet et net packen oder déi et net packen oder déi ophalen dobaussen, déi am Ausland sinn -, froe mir kee Remboursement.

Mir froe kee Remboursement vun der Bourse - de Prêt ass ze rembourséieren, dee jo large-ment vum Stat finanzéiert gëtt -, mä de Prêt ass ze rembourséieren.

An dat bréngt mech zu deem anere Punkt vun den Notes gravement insuffisantes. Do ass et esou, dass dat, wéi gesot, 84 Fäll waren d'lescht Joer, op 14.961 Dossieren, respektiv vun deene 579 Demanden, déi refuséiert goufen, waren dat der erëm eng Kéier 84.

Do ass et esou, dass d'Linn bis elo war vum CEDIES: «trois échecs consécutifs ou non-présentation aux examens deux fois de suite». An ech soen lech, dass ech dat net iwwerdréiwwe fannen. An ech soen lech, dass ech de CEDIES encouragéiert hunn, do méi wäit ze goen, fir ze soen: «deux échecs consécutifs», well jo net nëmmen de Problem d'Bourse ass, déi een net muss rembourséieren, mä et kritt een och nach e Prêt, an dee muss rembourséiert ginn. Mir hunn awer och keen Intérêt, de Leit eng Illusioun ze ginn, si kéinten duerchfalen, duerchfallen, net studéiere goen, an herno muss se awer de Prêt och mat 2% rembourséieren!

Ech stinn also absolut do hannert dem CEDIES, fir ze soen, an deenen dote Fäll huet et kee Wäert méi, fir weider Hëllefen ze ginn. Dat muss ee gesinn, a mir hunn dat och am Gesetz ëmmer gesot. Fir eis ass d'Studieregelzäit x + 1. Dat heescht, e Bachelor vun 3 mécht een a 4, e Master vun 2 mécht een an 3, an esou weider an esou fort. Ech mengen, dass dat nach ëmmer richteg ass.

Dat ass also een Abus potentiel. Een aneren Abus potentiel ass deen, dass een aner Prestatioun kritt. Schaffe goen ass u sech keen Abus. Wann ee schaffe geet, just... Neen, neen, den Abus kënnen mer da kréien: Wann ee schaffe geet, muss ee jo seng Revenuen deklaréiere bei eis.

Dat heescht, een, dee schaffe geet, deem seng Bourse gëtt op dat erfogerechent. An ech mengen, dat ass ee Punkt, woubäi et natierlech ass, weinst dem Dateschutz, dass mir net automatesch Accés hunn zum Dénge vum CCSS, also vum Centre commun. Mä mir maachen heiansdo Cross-checken.

Déi dote Fäll, dass ee géif schaffe goen a sech just fiktiv géif aschreiwen, si mer eigentlech manner geleefeg wéi déi, dass ee sech emol aschreiwe geet an emol kuckt, wat kënnt. Och do ass net ëmmer eng Abussituatioun. Heiansdo geet et eben einfach net op der Uni.

Do wou mer Abusë kënnen kontrolléieren, wou mer eng Coopération administrative hunn, dat ass fir ze verhënneren, dass een am Chômage oder am RMG ageschriwwen ass an eng Bourse kritt.

Eng vun eisen Neierungen, déi mer gemaach hunn 2010, un déi ech immens mech gehalen hunn als fréieren Aarbechtsminister, ass déi,

dass een och kann, egal wat fir en Alter een huet, Bourse kréien. Well ech déi Situatiounen ëmmer hat mat Leit, déi am Chômage waren an déi gesot hunn: „Ma ech wëll zrëck op d'Uni goen, fir en Diplom ze maachen an dann eng Plaz ze fannen.“ Dann hu mer als ADEM nee gesot, well mer gesot hunn: „Dir musst jo disponibel fir de Marché du travail sinn.“

Dat heescht, e Chômeur ka Sue kréien. Wien näischt huet, kritt eng Bourse vun eis. Deen Eelsten, deen zurzäit Sue kritt, ass 62 Joer al, deen och Aides financières vum Stat kritt; mä dann dierf en net Chômage kréien. Do hu mer eng Coopération administrative mat der ADEM a mat dem RMG, also mat deem Ministère respektiv mat där Verwaltung, fir dat ze verhënneren.

Eng aner Abusméiglechkeet, déi schwierig ënner Kontroll ze kréien ass, dat ass déi vun der Résidence effective, wa Leit hei eng falsch, fiktiv hunn. Heiansdo fënnt een et eraus oder et fënnt een et net eraus. Mir hu keng Polizei an dem CEDIES. Mir hunn net Leit bäigebaut. Mir hu souguer Leit verluer. An ech mengen och net, dass de CEDIES do soll sinn, fir Polizei ze spillen. Mä, wéi gesot, mir kënnen net alles kontrolléieren; heiansdo fanne mer et.

Dat sinn also déi véier potenziell Abusméiglechkeeten.

Déi «résultats jugés gravement insuffisants», do fannen ech, dass dat, wat monéiert ass vun der UNEL, dass dat falsch monéiert ass, an ech stinn do hannert där Décisioun vun dem CEDIES.

Dat Zweet ass d'Résidence fictive. Bon, dat ass esou. Dat fënnt een net ëmmer eraus. Dat war och fréier de Fall.

Drëttens: Abus potentiel mat Chômage, mat RMG, mat Sozialleeschungen. Dat hu mer ënner Kontroll. Wat d'Schaffen ubelaangt, müssen d'Leit deklaréieren.

Wann do géif een, Här Etgen, elo falsch Deklaratiounen maachen, fir ze soen, ech kréien eng Bourse vu 6.500, an en huet awer wierklech pro Mount nach eng Pai vu 6.000, do kéinte mer effektiv déi Bourse reklaméiere goen, well deen hätt jo falsch Indicationen gemaach.

(Interruption)

Also, do wou reell Abussituatiounen sinn, do kënnen mer rembourséieren.

Déi aner Fro ass: Mir kucken no all Semester, wéi et no all Semester ass. An dat war eng Neierung, déi mer gemaach hunn opgrond vun 2010, well mer genoe woussten, dass virdru Leit ageschriwwen ware bei der Uni Lëtzebuerg, fir dass ee Joer sollt Kannergeld fléissen, ouni dass se awer no der Aschreiwung nach eppes gemaach hunn.

Dann e lescht Wuert.

► **M. le Président.**- Dir misst awer bal zum Schluss elo kommen, Här Minister, well et sinn zéng Minutten.

► **M. François Biltgen**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*- Majo, dann halen ech op.

► **M. le Président.**- Merci, Här Minister. A mir wäeren domadder och um Enn vun dëser Froestonn.

Mir kéimen dann elo zum éischte Projet vun haut de Mëtteg, nämlech dem Projet de loi 6367, eng Ofännerung vum Gesetz géint de Kaméidi. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Berger, Negri an Urbany.

D'Wuert kritt elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

5. 6367 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1976 relative à la lutte contre le bruit

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur.*- Här President, Kolleginnen a Kollegen, de Projet, iwwert dee mer elo schwätzen, ass eng Ännerung vum Gesetz vum 21. Juni 1976 iwwert de Kaméidi.

De Projet ass den 18. November 2011 vum delegierten Nohaltegkeetsminister Marco Schank an der Chamber déposéiert ginn. Den 1. Dezember 2011 sinn ech vun der Kommissioun als Rapporteur genannt ginn.

Den Avis vun der Chambre des Salariés datéiert op de 15. Dezember 2011, dee vun der Chambre de Commerce koom de 6. Januar 2012. De Statsrot huet säin Avis den 30. Mäerz 2012 ofginn, an den 18. Abrëll hu mir an der Kommissioun de Projet an den Avis vum

Statsrot ënnert d'Lupp geholl, wouropshin den 19. Juli 2012 Regierungsamendementer ausgestallt goufen.

Dës Amendementer sinn de 25. September 2012 vum Statsrot aviséiert ginn, an och vun deenen zwou Beruffschamberen, déi ech och schonn uewe genannt hat.

De 26. September hu mir nach eng Kéier den Avis complémentaire vum Statsrot analyséiert, an den 10. Oktober 2012 ass de Rapport an der Chamberskommissioun ugeholl ginn.

Wat ass den Objet vun dësem Gesetz? Mam virleienden Text kritt elo d'Gesetz vum 21. Juni 1976..., gëtt et méiglech, verschidde Leit finanziell...

(Brouhaha)

► **M. le Président.**- Ech bieden lech, dem Här Spautz nozelauschteren!

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur.*- Merci, Här President!

...kréie mer eng legal Basis, fir verschiddene Leit kënnen finanziell Hëllefen ze ginn am Kampf géint de Kaméidi.

Dëst ass en Aktiounsplang, deen op d'EU-Direktiv 2002/49 hi virgesinn ass. Genau gesot sinn et Hëllefe fir Isolatioun vun den Haiser, fir dass de Kaméidi net méi esou gutt ze héieren ass. Déi aktuell national Gesetzgebung gesäit dat net esou vir, an dofir ass och en neien Artikel 2 Paragraph 1 am Gesetz vun 1976 derbäikomm, deen heescht „Régime d'aides financières“.

Wéi gesäit et an der Praxis aus?

A Fro komme just Haiser, deenen hir Baugenehmigung virum 31. Januar 1986 erdeelt ginn ass, also virum Akraafttriede vum PAP „Aéroport“. An dësem Gesetz sinn et jo virun allem déi Haiser aus de Gemenge Betzdorf, Fluessweiler, Hesper, Lëtzebuerg, Nidderaanwen, Sandweiler a Schëtter, well déi am Anzugsgebit vum Flughafen leien.

An enger éischter Phas sinn dat d'Gebaiere, déi am meeschten dem Kaméidi ausgesat sinn. Dat sinn 317 Haiser an 38 Appartementshaiser a Copropriétéit.

Wéi eng Mesurë gëtt et vum Stat, fir finanziell ze ënnerstëtzen?

D'Berodung an d'Verbesserung vun der Geräuschkämmung, déi awer virum Ufank vun den Aarbechte muss mat engem Expert vun der Akustik gemaach ginn. Dësen Expert muss all Aarbechten iwwerwaachen, och fir ze kucken, wat do finanziell ënnerstëtzt gëtt. An och d'Aarbechte selwer, wat d'Isolatioun ubelaangt, ginn ënnerstëtzt.

Wéi eng Aarbechte sinn dat?

Zum Beispill d'Ersetze vun de Fënsteren, d'Isolatioun vun de Rollluedekëschten, d'Abaue vun Entlüftungsanlagen, Tapezéier- a Gipsaarbechten an och den Assainissement vum Daach an den Dallen um Späicher.

De maximale Montant vun deene Subventiounen, dee virgesinn ass, dat sinn 12.500 Euro fir een Haus a 6.250 Euro fir een Appartement.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach e puer Wuert zu den Aarbechten an der Chamberskommissioun.

A sengem Avis vum 30. Mäerz 2012 huet de Statsrot festgestallt, dass de Projet, esou wéi en déposéiert ass, net mam Artikel 99 vun eiser Verfassung am Aklang ass, dee beseet, dass eng Charge, déi während méi wéi engem Exercice zulaascht vum Budget geet, just duerch e Spezialgesetz kann agefouert ginn. Vu dass dës Hëllefssystemer, déi duerch dësen Text kommen, vun 2012 bis 2022 solle gëllen, muss laut Statsrot de Projet ofgeännert ginn, wat mer och gemaach hunn. An duerfir waren och déi Amendementer, déi duerno gemaach gi sinn.

Ech denken, dat waren déi wichtegst Aarbechten, déi ech wollt ervirsträichen, wat dëse Projet ubelaangt, an ech géif och heimadder gläichzäiteg den Accord gi vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Marc Spautz. Als éischte Riedner ass den Här Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Ech wëll och dem Rapporteur Merci soe fir säi kuerzen a pertinente Rapport, dee sech haaptsächlech op technesch Aspekter beschränkt huet. Ech mengen, wann hien den Historique vum Dossier Lärmschutz/Findel gemaach hätt, da wier et sécherlech e Bericht ginn, dee méi laang an och méi lieweg gi wier.

Ech wëll drun erënneren, dass an der Vergaangenheet scho ganz vill a kontrovers iwwert

d'Problematik vum Kaméidi vum Fluchverkéier diskutéiert ginn ass, besonnesch an der Stad Lëtzebuerg an an de betroffenen Nopeschgemengen. Et wier och interessant, fir méi generell eigentlech iwwert déi Plo vun der ëmmer méi staarker Lärmbelästigung am Alldag ze schwätzen, eng Plo, déi laut Experten ëmmer méi zu Belaaschtung a Krankheete bei de Mënsche féiert.

Bon, de Projet ass awer ugeschloen als Modèle de base, an ech wäert mech also och duerfir net ausféierlech mat där Problematik beschränken (veuillez lire: beschäftigen), net den Historique, mä einfach e puer Remarquë maachen an deene fënnf Minutten, déi ech hunn.

Ech mengen, eppes ass ze bedauere virop, dat ass, dass et awer laang gedauert huet, bis dass mer haut endlech en Text virleien hunn, deen am Sënn vun der Protektioun vun den Awunner ronderëm de Findel ass, weinstens vun engem Deel vun den Awunner.

Ech mengen, et ass jo och wéi esou oft, dass hei eng europäesch Direktiv den Ausschlag ginn huet, dass mer iwwerhaupt do konkret aktiv gi sinn hei zu Lëtzebuerg. Déi Direktiv staamt aus dem Joer 2002; haut schreiw mer d'Joer 2012. Zéng Joer sinn also an d'Land gaangen, ier hei konkret Mesurë geholl gi sinn. Dat ass a mengen Aen op alle Fall ze laang. Dat war och sécher net am Intérêt vun de betroffene Bierger, déi jo also do och weiderhin zéng Joer hu missen an deenen Nuisancë liewen. Besonnesch denken ech un déi Leit ganz no um Flughafen, och Hamm, déi jo och hei méi besonnesch concernéiert sinn.

Eng zweet kritesch Fro, déi ee sech ka stellen, dat ass, wéi hëllefäich déi Mesuren elo sinn. Fir d'Awunner ronderëm de Findel virum Kaméidi ze schützen, gesäit jo - de Rapporteur huet et gesot - de Projet de loi vir, dass déi Leit finanziell Hëllefe kréien, fir hir Wunnenge besser géint de Kaméidi ze schützen. Dat kënnen dann nei Fënstere sinn, dat kann eng nei agegipsten Tapéit sinn, dat kann en neien Daach sinn.

Fir dës Aarbechte sinn da maximal - maximal! - 12.500 Euro virgesinn. Wann een awer hei zu Lëtzebuerg d'Präisser kennt fir Aarbechten a Material am Hausbau - zu Lëtzebuerg, mengen ech, kenne mer déi Präisser -, da kann ech mir net gutt virstellen, dass dës finanziell Hëllefe kënnen duergoe bei engem Haus zum Beispill, soen ech, wou ee sechs Fënsteren, aacht Fënstere muss ersetzen, eventuell och nach den Daach muss ersetzen, eventuell e puer Mesurë muss maachen.

Also, et deet mer leed, dat geet sécher net duer. Wann een en Handwierker kennt, e Betrieb, deen déi Aarbechte fir manner oder fir 12.500 Euro mécht, sinn ech frou, wann ee mer dee seet, well ech hunn och nach Aarbechte bei mir am Haus ze maachen, da géif ech deen direkt huelen!

(Interruptions)

Bon, an der leschter Zäit geet jo och da Rieds vu sozialer Selektivitéit, an déi Leit, déi also e bësse besser gestallt sinn, déi kënnen sech also eng Isolatioun leeschten. Mat deenen 12.500 Euro muss se warscheinlech nach eppes dropleeën, mä déi maachen dat dann. Leit, déi awer net esou gutt dostinn, deenen hëllefen och dann net déi 12.500 Euro, wann déi e ganz Haus müssen isoléieren. Wat maachen déi warscheinlech? Déi maachen et vläicht guer net an déi sëtzen also weider am Kaméidi!

Firwat hätt een hei net kënnen d'Geleeënheet notzen, fir dann déi sozial Selektivitéit och eng Kéier unzewennen? Et ass ëmmer schéin, wann een an Interviewen a Sonndesrieden dovunner schwätzt! Wann et konkret gëtt, da kennt kee se méi!

Wann et der Regierung dorëms gaange wier, fir all deene Leit wierklech effizient ze hëllefen, hätt een dat vläicht och méi bei de Fraisen am Detail analyséiert.

Eng drëtt Remarque ass déi betreffend déi Kaméidiskaarten, op déi jo dann d'Gesetz och opbaut. Mir mussen wëssen - ech mengen, de Minister Schank kennt dat och -, dass déi zum Deel ganz staark contestéiert waren, wéi se opgestallt gi sinn. Do ware verschidden Normen an Debatten, déi do an der Diskussioun waren, a schlussendlech ass eng geholl ginn, wou een d'Géfill net lassgëtt, dass dat eigentlech déi Kaart ass, déi herno de Stat am bëllegste gëtt.

Ech mengen, méi streng Normen oder Kaarten, déi nach vläicht e bësse méi grouss ausgefall wieren, déi wieren zwar méi am Intérêt vum Schutz vun nach méi Bierger gewiesch, mä déi hätten natierlech dann och d'Regierung ënnert dem Stréch méi kascht, et wier méi deier ginn.

Ech wëll och drun erënneren, dass d'Kaméidisproblematik net eleng de Fliegertrafic betrëfft, mä och de Stroosentrafic an och de Schinnen-traffic, an et wier vläicht duerfir och interessant ze wëssen, wéi regelméisseg déi Kaméidiskaar-



ten iwwerschafft ginn a gekuckt gëtt, wat sech verännert huet, well dat ass jo sécherlech de Fall beim Stroosseverkéier. Och beim Zuchtrafic zum Beispill krut ech do eng Rei Kloen.

Ech selwer mierken et och. Zum Beispill am Triage vu Beetebuerg, wat dat ubelaangt, héiert een elo ab eelef Auer owes iwwert de ganze Réiserbann doriwwer eraus e Jippen, dat relativ onerträglech gëtt, dat wahrscheinlech nach net erfaasst ginn ass virun e puer Joer, wéi déi Kaarten opgestallt gi sinn, sou datt also och en cours de route, bis déi Kaméidiskaarten opgestallt sinn, ëmmer erëm nei Saache geschéien, an datt déi also misste regelméisseg iwwerschafft ginn.

Ech mengen, dës Remarquë gemaach, wëll ech och den Accord vun der DP-Fraktioun zum Projet erabréngen. Et ass awer keng grouss Begeeschterung bei eiser Zoustëmmung, wéi Der schonns mierke konnt. Et ass eng minimalistesch Démarche vun der Regierung, wou se wahrscheinlech méi ëm hire Budget besuergt war wéi ëm d'Protektioun vun de Bierger.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Berger. Als nächste Riedner ass den Här Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roger Negri (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëll ech dem Rapporteur, dem Marc Spautz, Merci soe fir seng exzellent Rapporten, schréfflech wéi mëndlech.

Erlaabt mer, mat engen Zitat unzefänke vun der Madame Zsuzsanna Jakab, Regionaldirektesch vun der Organisation Mondiale de la Santé fir Europa: «La pollution sonore n'est pas seulement une nuisance environnementale, mais aussi une menace pour la santé publique.»

Divers Etüde beleeeën, dass och Häerzkrankheeten, Schlafstéierungen an aner psychesch Krankheete mat der sougenannter Pollution sonore verbundene sinn.

An deem Sënn begreisse mer, dass mer haut ee Schrëtt weiderkommen, wat de Kaméidi um a ronderëm de Flughafen ugeet. Mat dësem Projet de loi setze mer ee Punkt vun Aktiounsplang iwwert d'Lutte contre le bruit ëm: dee vum Lëtzebuerger Flughafen. Domadder sollen eng ronn 18.000 Leit, déi méi oder manner dem Kaméidi ausgesat sinn, d'Méiglechkeet kréien, eng Ënnerstëtzung vum Stat unzefroen, fir hir Wunnenge lärmdeicht ze maachen.

Laut dem Aktiounsplang an dem Gesetz iwwert d'Établissements classés vun 1999 soll och d'Zuel vun de Fligermouvementer ëm 2012 op 76.000 pro Joer limitéiert ginn. Wéi aus de Statistike vun der ANA ervirgeet, ass den Niveau vun de Mouvementer an deene leschte Jore relativ stabil bliwwen. De Minister kann eis vläicht duerno e puer méi rezent Zuelen nennen.

Et ass natierlech schwéier, op enger Säit eng Reduzéierung vun de Mouvementer unzestrieuwen a gläichzäiteg d'Ekonomie a besonnesch de Secteur vun der Logistik unzekuerbelen. Mir ginn awer dervun aus, dass dat net de Wee opmécht, fir den Nuetsverbuet opzehiewen. Ech ginn elo weider net dorobber an, well dat jo dës Woch nach e puermol hei am Haus zur Diskussioun kënnst.

Här President, doriwwer eraus gesäit d'europäesch Direktiv vun 2002, déi an d'Gesetz vun 2006 eragefloss ass, vir, dass eng Kartografie opgestallt gëtt, net nëmmen, wat de Flughafen ugeet, mä, wéi den Här Berger och elo scho gesot huet, och fir d'Autobunnen an déi wichtegst Zuchstrecken. An enger zweeter Phas soll all fënnef Joer en Update vun dëser Kartografie gemaach gi respektiv och eng Erweiderung vun den Haaptachsen op verschidden Nationalstroossen.

An deem Sënn wëll ech de Minister froen, ob dës Kaarte schonn disponibel sinn.

De Lärmschutz op den Autobunnen an op den Haaptzuchstrecke wäert jo haaptsächlech duerch Lärmschutzwänn realiséiert ginn. Hei wollt ech den Här Minister froen, wéi e gedenkt, dës unzegoen.

Domadder ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Negri Merci. Als leschte Riedner ass den Här Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Merci, Här President. Ech ginn hei och meng Zoustëmmung zu deem Gesetz, wat awer eng relativ beschränkte Wierkung wäert hunn. De Perimeter vun deenen Haiser, déi betrafft sinn, dee läit am direkten Afluchberäich vum Findel, et handelt sech ëm 300-400 Wunnengen, déi hei di-

rekt vun deene Moossname betrafft sinn. Et sinn och aner Aschränkungen an Agrenzungen an deem Gesetzesprojet hei enthalten, ënner anere finanzieller Natur, déi och vun der Chambre des Salariés zum Beispill an hirem Avis ervirgehewe gi sinn.

Ech mengen, a kengem Fall dierf dat Gesetz hei awer eng Excuse sinn, fir den Nuetsfluchverbuet um Findel weider nach opzeweechen. Ech mengen net, dass et drëm geet, Schrëtt ze hale mam Kaméidi, deen eventuell zouhëlt - dat war d'Ausso vum Minister Schank an der Téleesémissioun „Chamber aktuell“. Ech mengen, dass et net dierf dorëmmer goen, fir sech anzustellen op eng weider Ausdehnung vum Fluchkaméidi.

An deem Sënn, mengen ech, ass och op jidde Fall ze begreissen, dass de Stater Gemengerot déi Décisioun majoritär a senger Sitzung gëschter geholl huet, fir d'Meenung ze verrieden - géint d'Regierung, géint och d'CSV am Gemengerot -, et dierft net zu enger Annerung vun der aktueller Regelung vum Nuetsfluchverbuet kommen.

Mat deene Reserve wëll ech hei meng Zoustëmmung also nach eng Kéier zu deem Gesetz hei soen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany, an d'Wuert kritt den Här delegéierten Nohaltegeetsminister Marco Schank.

► **M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.**- Här President, ech wollt fir d'Éischt och dem Rapporteur Merci soe fir säin exzellente schréfflechen a mëndleche Rapport. Ech géif mer dann erlaben, fir op Partie Froen ze äntwerten, well dat Wesentlecht ass am Rapport eis presentéiert ginn haut de Mëtteg.

Fir d'Éischt emol wollt ech äntwerten op déi Fro, datt gemengt ginn ass, déi Aiden, déi wieren net zolidd genuch. Ech sinn do enger anerer Meenung: Ech mengen, datt déi zolidd sinn an ech mengen dat och virun allem vis-à-vis vum Hannergrond, datt een déi Hëllef kann och mat energeteschen Aidë kombinéieren. Et ass also virgesinn, datt ee kann déi akustesche Moossnamen an déi energetesch Moossnamen kumuléieren. An et ass och esou, datt Effortë fir energetesch an akustesche Isolatioun sech och kënne gutt ergänzen. Dat ass dat Eent.

Dann ass d'Fro gestallt ginn, wou mer mat de Moossnamen „antibruit“ am Kontext vun der Strooss a vun der Bunn dru sinn. Also, bei den Autobunnen sinn eng Partie Plazen identifizéiert ginn, wou och Chantieren an Zunkunft virgesi sinn, an da ginn am Kader vun deene Chantieren Antibruit-Moossnamen integréiert respektiv am Virfeld geplangt.

Bei der Bunn si gréisser Projeten ugekënnegt, dat hutt Der och vläicht an der Vergaangenheet matkritt, zum Beispill Schëffleng. Oder och d'CFL huet eng Partie technesch Moossname virgesinn: Viru Kuerzem konnt ech derbäi sinn, zesumme mam Claude Wiseler, wéi en Zuch virgestallt ginn ass, wou Tester gemaach ginn, dee méi lues sech iwwert d'Schinn beweegt, nei Bremsbleck, déi nach am Test an Europa sinn, mä an Zukunft wesentlech Verbesserunge kënne bréngen. Eng Moossnam ass och de Vāduc vun Esch, dee jo sanéiert gouf. An d'CFL mécht och a puncto Entretien vum Material eng ganz Partie Efforten.

Dann ass - vläicht nach zum Schluss - d'Iwwerschaffe vun de Kaarten ugeschwat ginn. Och dat Iwwerschaffen ass effektiv virgesinn, an de Comité de pilotage du bruit, dee wäert och déi éischt Propositionen do an deenen nächste Méint virgestallt kréien.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här delegéierten Nohaltegeetsminister. Domadder wäre mer um Enn vun dëser Diskussioun a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6367 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6367 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6367 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Lucien Clement), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Die-drich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6419, eng Direktiv iwwer e Label écologique. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Berger an Negri.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

6. 6419 - Projet de loi portant certaines modalités d'application et sanction du règlement (CE) n°66/2010 du 25 novembre 2009 établissant le label écologique de l'Union européenne

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marcel Oberweis (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister - Dir Häre Ministeren -, dee virleiende Projet de loi setzt déi europäesch Direktiv N°66 vum 25. November 2009 an nationaalt Recht ëm. Mat dem Gesetzesprojet ginn eng Rei Modalitéite bei der Ëmsetzung an de Sanktiounen an Zesummenhang mat dem europäesche Label fir d'Ëmwelt ëmgesat.

Et soll nach drop higewise ginn, dass schonn am Joer 2000 eng Revisioun vun deem gemeinschaftleche System an där Zäit mat dem Vergi vun Ëmweltzeche geholl gouf. Deemoos stoungen d'Ënnerstëtzung vu Produkter, déi eis Ëmwelt protegéieren, an hir Awierkungen duerch den Asaz am Mëttelpunkt. Fir ganz komplett ze sinn, muss ee soen, dass d'Aféierung vun dem Ëmweltlabel eng direkt Suite vun der Rio-Konferenz 1992 war.

Den Ëmweltlabel selwer stellt domat ee wichtige Bausteen an der nohalteger Entwëcklung vun der europäescher Ëmweltpolitik duer. Am Laf vun dem leschte Jorzéngt ass awer festgestallt ginn, dass dee System revidéiert muss ginn, well ee mëttlerweil nei wëssenschaftlech Erkenntnisser kritt huet.

Wéi ugedeit, sollen déi negativ Impakter op d'Ëmwelt an op d'Gesondheet vun de Mënsche reduzéiert ginn an doriwwer eraus déi natierlech Ressourcë geschoont ginn. Virun allem muss de Public iwwert den Ëmweltlabel méi ënnerriicht ginn, an dat op nationalem an europäeschem Plang.

Den 29. März dëst Joer huet den delegéierte Minister fir d'Ëmwelt de Projet de loi hei an der Chamber déposiert. D'Chambre de Commerce, d'Chambre des Salariés an d'Chambre des Métiers hunn hiren Avis erabruucht, genau wéi de Conseil d'État mat Datum vum 12. Juni dëst Joer. Den Avis complémentaire vum Statsrot ass de 25. September analyséiert ginn, an de Rapport ass de 17. Oktober an der Chamberskommissioun ugeholl ginn.

Wann ee sech den europäesche Bannemaart méi genau ukuckt, da gesäit een, dass bal 20.000 Produkter an Dängschtleeschungen dësen Ëmweltlabel no deem ale System droen. Dat kënnen ënner anere elektresch Geräter, Pabeier, Textilien oder touristesch Hébergementsservicer sinn. Et ass wichteg ervirzehiewen, dass d'Kritären, fir den Ëmweltlabel ze verginn, no wëssenschaftlechen Erkenntnisser ausgeschafft ginn a goufen.

Et ginn hei am Speziellen déi eenzel Ëmwelt-aflëss bei der Produktioun, bei dem Verbrauch, bei dem Gebrauch a bei der Eliminatioun a Betruucht gezunn. Et sollen och ganz speziell déi geféierlech Substanzen duerch manner geféierlecher ersat ginn, an den nohaltege Gedanke soll méi respektéiert ginn. Virun allem soll d'Gesondheet vun de Konsumenten vill méi am Vierdergrond stoen, an déi sozial Standarden,

virun allem d'Anhale vun de rechtlechen Aarbechtsbedéngungen, sollen eng wichteg Bedeutung kréien. An et dierfen och keng Versich méi un Déieren duerchgefouert ginn.

Dir gesitt also, et geet hei ëm eng ethesch, sozial, technesch a wirtschaftlech Approche.

E puer Bemierkungen aus dem Rapport: Fir dass e Land den Ëmweltlabel bei sech applizéieren dierf, muss en Organisme geschaffe ginn, dee sech där Aufgab unhëlt. All Betriber, déi den Ëmweltlabel fir hir Produkter oder Dängschtleeschungen kréie wëllen, müssen eng Demande bei dësem nationalen Organisme erauechen. Deen deelt dann deenen EU-Memberlänner, wou zum Beispill de Produzent säi Produkt vermaarte wëllt, dës Wonsch mat.

Sinn all d'Konditiounen erfëllt, an 30 Deeg no dem Erabréng vum dem Avis vum dem kompetenten Organisme kënnen de Ministère an de Produzent e Kontrakt mat alle Modalitéiten ënnerschreiwen. An domat gëllt den Ëmweltlabel als verginn.

De kompetenten Organisme hei am Land ass bei eis eng Kommissioun, an där d'Ministère vun der Ëmwelt, de Classes moyennes a vun der Wirtschaft vertruede sinn. D'Redevancen, déi aus dem Kontrakt erauskommen, fléissen an de Statsbudget.

E wichtige Punkt ass d'Opsiche vun Infractiounen, wann ee géint de Geescht vum Ëmweltlabel verstéisst. Do sinn am Gesetzesprojet eng Rei vu Fonctionnaires opgezielt, déi dës Missioun iwwerhuele sollen. Déi müssen eng speziell Formatioun matmaachen, esou dass si méiglech Infractiounen sécher feststelle kënnen. Si dierfen dës Aufgab awer nëmmen op dem Territoire vun eise Land ausféieren.

E puer Beispiller zur Illustratioun: wann een zum Beispill den Ëmweltlabel benotzt, bevür d'Attributioun erfollegt ass; wann een den Ëmweltlabel an enger Reklamm matbenotzt ouni Erlaabnis; wann en Ëmweltlabel agesat gëtt, deen awer net den offizielle Logo dréit - et ass normalerweis..., oder et ass déi europäesch Blumm mam Europastär -, oder wann een en Ëmweltlabel op e Produkt setzt, obschonn dëst Produkt dat iwwerhaupt net verdéngt.

Wann eng Infractioun festgestallt ginn ass, dann dierf de Beschëllegte bannent dräi Méint e Recours beim Tribunal administratif erarechen. De Gesetzesprojet hat wuel 40 Deeg virgesinn, awer de Statsrot huet sech fir déi dräi Méint ausgeschwat, dat am Sënn vun enger Harmoniséierung vun den Délaië fir e Recours.

Als Konsequenz awer vun enger Infractioun sinn och penal Sanktiounen virgesinn. Dës Montant kann tëschent 251 Euro an 12.500 Euro bedroen.

Dass mir ons mat dem Asetze vun dem Ëmweltlabel an der Europäescher Kommissioun (veuillez lire: Unioun) no deem neie Prinzip nach schwéierdinn, gëtt doduerch ervirgestrach, dass eréischt 1.300 Ëmweltlabelen op Produkter an Dängschtleeschungen am Joer 2011 attribuëiert goufen. Dat sinn der relativ weening.

Dat hänkt awer domat zesummen, dass d'Entreprises, déi dës Schrëtt maache wëllen, eng ganz Rei vun Démarchë müssen ënnerhuelen. An da muss se och nach eng Rei vu Redevancë bei der Demande vun net manner wéi 200 Euro bis 1.200 Euro maximal bezuelen. D'Entreprises awer, déi schonn eng Zertifikatioun 14000 (veuillez lire: ISO 14001) droen, déi kënne mat engem Rabatt vun 20% rechnen.

Wann d'Entreprises dann den Ëmweltlabel op hirt Produkt gesat hunn, da muss se all Joers eng Redevance an der Héicht vu maximal 1.500 Euro bezuelen, an dat schreckt se natierlech of. Am Fall vun enger sougenannter Microentreprise bedréit déi Redevance awer nëmmen 350 Euro.

Hei am Land, Dir Dammen an Dir Hären, hu mir nach keng Entreprise, déi den Ëmweltlabel nom neie Prinzip - dat ka jo net sinn, well haut ass et jo, wou dat Gesetz a Kraaft trëtt - op hire Produkter oder Dängschtleeschungen ugefrot huet. Mir hoffen op alle Fall, dass et Betriber gëtt, déi dat op hire Produkter an Dängschtleeschungen wäerten ufroen.

Wéi gesot, d'Avisé vun de Beruffskummere waren alleguer positiv a si hu sech domadder just an engem Punkt net erëmfonnt méi, well si elo net méi an deem Organismen vertruede sinn, deen den Ëmweltlabel da vergëtt.

Dës Bemierkunge gemaach, bréngen ech dann den Accord vun der CSV eran a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!